association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, de 26. September 2018

Rentrée 2018-2019: ëmmer erëm nei Spuermoossnamen um Bockel vun den Enseignanten an de Schüler

De Minister Meisch huet de Contingent vun de Lycéeë (schonn erëm) gekierzt: landeswäit kruten d'Direktioune just nach 0,75 Stonnen pro Klass fir d'Regence. Resultat: d'Dechargen fir d'Regence sinn a ville Lycéeë vun 1 Stonn bis op 0,5 Stonnen erofgaangen. Donieft sinn a verschiddene Gebaier Klassen zesummegeluecht ginn, d'Klasseneffektiver schwëllen ëmmer méi un. Et kann och net sinn, dass d'Direktioun decidéiert wéi héich déi jeeweileg Decharge fir d'Regence ass! Dat féiert zu verschiddenen Dechargen fir déi selwecht Klass mat der selwechter Unzuel u Schüler.

An all Lycée gëtt déi Decharge anescht verdeelt. Wou ass do d'Kohärenz? Mir verlaangen eng eenheetlech a gerecht Reegelung fir all Gebaier: déi zousätzlech Aarbecht vun der Regence, déi ëmmer méi wiisst, muss respektéiert ginn! D'Contingente däerfen net gekierzt ginn mee mussen den aktuellen Situatiounen entspriechend no uewen ugepasst ginn. Mir ginn d'Gefill net lass, dass déi zousätzlech Depensen fir d'gratis Schoulbicher op anere Plazen nees agespuert gi sinn, op d'Käschte vum Enseignement um Terrain. Sou mëscht ee keng Schoulpolitik!

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426